



Äntfert vum Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 6280 vum 1. Juni 2022 vum honorabelen Députéierten Sven Clement

Ad 1) an 2)

An de leschte 6 Méint huet d'Police bei Verkéierskontrollen pro Mount an der Moyenne eng 4.000 Verstéiss vun Automobilisten géint d'Artikelen aus dem Code de la route festgestallt an en Avertissement taxé (AT) ausgestallt. Wann een déi mobil an fix Radaren esou wei déi gebührenpflichteg Verwarnungen vun den agents municipaux mat consideréiert, kennt een op duerchschnëttlech 60.000 AT'en déi pro Mount un Automobilisten ausgestallt gi sinn.

Laut dem Code de la Route ass et bei den allermeeschten Infraktiounen irrelevant, wat fir ee Verkéiersteilnehmer eng Infraktioun par rapport zu engem anere Verkéiersteilnehmer begaangen huet. Deemno ass et net méiglech d'Zuel vun Infraktiounen spezifesch par rapport zu engem Vëlosfuerer ze ginn. D'Police grand-ducale lancéiert reegelméisseg präventiv Campagnen fir all Verkéiersteilnehmer op géigesäitege Respekt an déi néideg Geste fir méi Sécherheet am Verkéier nohalteg ze sensibiliséieren.

Lëtzebuerg, den 22. Juni 2022

Den Minister fir bannenzeg Sécherheet

(s.) Henri KOX